

MAT DER JUGEND AN D'ZUKUNFT

LÛSCHT

2

LSAP
D'SOZIALISTEN

Salut du,

Du gees fir déi éischte Kéier hei zu Stroossen wienel! Du weess villäicht scho wien s du wiels. Oder du weess et nach guer net a léiss déi Saach emol kommen. Du hues méi ewéi sécher och keng Loscht all déi vill Programmer ze kucken an ze liesen. Du kenns och villäicht iwwerhaupt keen, deen do op deene Lëschten ass!

Mir, dat sinn den Arman, de Paul an de Jeff, hunn eis geduecht, mir géifen dir dann emol schreiwen. Mir 3 si fir déi éischte Kéier als Kandidat dobäi a sinn op der Lëscht 2. Dat ass déi vun der **LSAP. D'Sozialisten. Zesumme mat Bierger fir Stroossen**. Mir wëllen dir einfach virschloen, eis ze wienel. Dat ass fir eis wichtig, well mir wëllen, elo wou mir als eenzeg richteg Jonker mat op enger Lëscht sinn, och anstänneg ofschneiden an e passabelt Resultat maachen.

Mir hunn eis iwwerluecht, wat an enger Gemeng ewéi Stroossen fir eis wichtig ass. An elo erlabe mir eis, dir e puer vun eise wichtigsten Iddie virzustellen:

- vill Jonker sinn nomëttes oder owes eleng doheem. Duerfir brauche mir eng **ausserschoulesch Betreiuungsstruktur** fir Jonker tëschent 12 a 16 Joer;
- e flotte Jugendzentrum, **d'Youth Box**, muss endlech gebaut ginn! Hei kënnen déi Jonk sech wuelfillen, einfach näischt maachen, an der Youth-Bar hänken a chillen oder an engem spezielle Raum Musek oder Kaméidi maachen. Och 2 bis 3 Studioen, wou Jonker, déi doheem den décke Latz hunn, emol kuerz betreit ginn a wunne kënnen, mussen hei zur Verfügung gestallt ginn!
- Wunnen ass fir eis zu Stroossen ze deier! Mir hunn awer och net ëmmer Loscht doheem ze bleiwen! Duerfir muss d'Gemeng sozial Locatiounswunnenge fir jonk Leit mat eenzele Studioe vu 30 bis 35 m² plus verschidde Gemeinschaftsraum bauen! Hei kann een zesummen, eleng oder och zu 2 wunnen. **"Time-sharing"** muss als gängeg Wunnform erméiglecht ginn.

- eis Gemengereglementatioun muss onbedéngt Liewen an enger **Wunngemeinschaft (WG)** erliichteren.
- **Vakanzejobs** mussen erëm bei der Gemeng bereet gestallt ginn;
- d'Gemeng muss hir Verantwortung a Saache **Jugendarbeitslosigkeit** iwwerhuelen a jonk Leit, mat Schwierigkeeten um Aarbechtsmaart, geziilt ënnerstëtzen.

Mir, déi 3 jonk Candidate vun der Lëscht 2, **LSAP. D'Sozialisten. Zesumme mat Bierger fir Stroossen**, stinn zu de Grondwäerter Fräiheet, Gerechtegkeet a Solidaritéit. Mir brauchen onbedéngt deng Ënnerstëtzung nächste Sonndeg. Et ass mega, wans du eis eng Chance gëss an eis deng Stëmme gëss!

Ech sinn den **Arman BOBETA**, 30 Joer. Ech si 1992 mat mengen Elteren a 2 Bridder aus Jugoslawien op Stroossen komm, sinn hei an d'Schoul gaangen an duerno an de LMRL. Ech hu Sciences politiques op der Uni Wien studéiert, sinn zënter e puer Woche bestuet a schaffen elo bei der KPMG.

Ech sinn de **Paul KLENSCH**, 25 Joer. Du kenns bestëmmt meng Mamm, d'Joffer Mady aus der Spillschoul. Ech hu Mathe an Europastudien op der Université de Lorraine studéiert an ech hunn elo just am Kolléisch als Chargé ugefaangen. Ech maachen deemnächst de Concours fir Proff. Ech sinn och Fotograf an hunn d'Fotoe fir d'Lëscht 2 gemaach.

Ech sinn de **Jeff SCHMIDT**, 32 Joer. Ech sinn hei an d'Schoul gaang an hunn duerno Musek geléiert. Ech si Berufsmuseker, schaffen um Stater Conservatoire an hëllefem dem Caroline am Stroossener Kannerchouer. Ech sinn a ville Bands a spillen 80 bis 100 Concerten pro Joer. Du hues mech bestëmmt schonn héieren!



Arman Bobeta

Arman



Paul Klensch

Paul



Jeff Schmidt

Jeff